SCC DE STEIERBUET SEAC

OCTOBRE 1995 SPECIAL

Info Aktuell

ACCORD SALARIAL ???

ACCORD SALARIAL ???

OFSCHAAFEN VUM STATUT ???

OFSCHAAFEN VUN DER FONCTION PUBLIQUE ???

Ouni weider op den Historique anzegoen probéire mir a kuerze Wieder d'Entwécklung vum soziale Konflikt opzezeechnen.

1. Ausgangsbasis proposéiert vun der CGFP fir 95 a 96:

1. **2x 1,5%** Punktwerterhéigung
2. **5** Deeg Congé
3. Upassung vun der Iessenszoulag
4. Upassung vun den Subventions d'Intérêts
5. Upassen vun den Ufanksgehälter
6. Upassen vun der Iwerstonnenzoulag

2. Diktat vun der Regierung am Kader vun der Médiatioun:

1. E Gehälterofkommes op **5 Joer** (nët méi 2)
2. a) **0,75%** Augmentatioun op den 13. Mount

   b) **0,25%** Augmentatioun um Punktwert
3. Ofschaafen iwer 3 Joer vum Péréquatiounssystem bei de Pensionéierten
4. Ofschaafen vum Nët-Kontributive System an Aféieren vum Kontributive System
5. Guer **kee Congé** ënner kengen Emstänn
6. Keng Upassung vun den Ufanksgehälter
7. Keng Upassung vun der Iessenszoulag
8. Keng Upassung vun de Subventiounen
9. Réforme administrative:

   a) Aféieren vum Evaluatiounsprinzip (ënner Form vu Gespréicher a Bewertungen)

   b) Ofschaafen vun der automatescher Promotioun

   c) Bezuelen nom Mérite an no Leeschtung

   d) Begrenzung vun de Fonktionnären op déi Verwaltungssekteuren, déi Souveränetéitsrechter ausüben (all déi aaner sollen de Statut vum " *Employé privé* " kréien)

   e) Ofschaafen vun der Fonktioun op Liewenszäit an Aféierung vun zäitlech begrenzten Fonktiounen

3. Propositiounen vum Médiateur (Originaltext):

"1. augmentation de la valeur du point indiciaire en 1995 et 1996 en faveur de tous les fonctionnaires en activité et à la retraite correspondant à l'enveloppe budgétaire arrêtée par le Gouvernement et couvrant le financement du relèvement de l'allocation de fin d'année de 0,75% par an et de la valeur du point indiciaire de 0,25%,

2. réexamen de l'augmentation au 1er janvier 1997, compte tenu de l'évolution générale des salaires,

3. prise d'effet à partir de cette date des mesures gouvernementales dans son offre du 14 septembre 1995 et portant sur le passage du mécanisme de péréquation à celui de l'ajustement,

4. allocation à partir de 1997 d'une journée de congé supplémentaire.

L'ensemble de ces mesures qui sont un tout devrait faire l'objet d'un accord global que les parties devraient conclure incessamment."

4. Am Regierungsrot vum Freideg den 13. Oktober 1995 sin dem Médiateur seng Propositiounen vun der Regierung integral iwerholl gin.

5. D'Conférence des Comités élargis vun der CGFP déi dee selwechten Dag vun 18 bis 21 Auer am Parc Hotel eng Sitzung haat, huet dës Haltung vun der Regierung en bloc verworf.

NEE: Esou geet ët nët!

Mir mussen eis wieren !

Mir mussen zesumme mat der CGFP manifestéiren well ët geet ëm d'Iwwerliewen vum Statut a vun der Fonction Publique en général !!!

Eestëmmeg as décidéiert gin dass d'CGFP
fir den 24. Oktober 1995 eng grouss Manifestatioun
géing organiséiren wou jiddereen
gefuedert as matzemaachen.

GROUSS MANIFESTATIOUN DEN

24. OKTOBER 1995 UM 17.00 H

KOMMT ALLEGUER !!!

ET GEET EIS ALL EPPES UN !!!

De genauen Oflaaf gët an der Press publizéiert.
Weider Détailer kritt Dir bei de Comitéen vum SCC a SEAC.

Impressum:
Bulletin d'Information du
Syndicat des Cadres des Contributions A.s.b.l.
Syndicat des Expéditionnaires de l'Administration des Contributions A.s.b.l.
L 2982 Luxembourg